

Wunnengssich zu Bonn

Stand Januar 2023

Laura Oé

Wou ?

Bonn ass eng realiv grouss Stadt dei sech an verschidden Quartieren andeelen léisst.

D' **Universität Bonn** deelt sech an 7 Fakultéiten, déi op 4 Campusen verdeelt sinn:

- Evangelisch-Theologische Fakultät an der Innenstadt
- Katholisch-Theologische Fakultät an der Innenstadt
- Landwirtschaftliche Fakultät zu Poppelsdorf an Enderich
- Mathematisch-Naturwissenschaftliche Fakultät zu Poppelsdorf an Enderich
- Medizinische Fakultät zu Poppelsdorf (Uniklinik um Venusberg)
- Philosophische Fakultät an der Innenstadt an zu Bonn-Castell
- Recht- und Staatswissenschaftliche Fakultät an der Innenstadt

D' **Hochschule Bonn-Rhein-Sieg** deelt sech op dräi Standuerter ausserhalb vun Bonn:

- Campus Sankt Augustin
- Campus Rheinbach (Nord-Westlech vun Bonn)
- Campus Hennef (östlech)

D' **Alanus Hochschule** befennt sech zu Alfter, en Duerf westlech vun Bonn, waat awer mat der U-Bahn a Richtung Köln ze ereechen ass

Verschidden Quartieren bidden ennerschidlech Virdeeler. Sou ass een zu Poppelsdorf am beschten an

d' Studenteliewen agebonnen, d' Südstadt iwwerzeegt mat wonnerscheinen Gründerzeit Fassaden an am Zentrum ass een am beschten un d' Partyliewen ugebonnen. Beuel war fréiher en getrenntent Duerf an gett haut nach als Sonnenseite vun Bonn bezeechnet. Ween et léiwer Roueg huet kann zu Bad Godesberg, Beuel oder soss un Randgebieten vun der Stadt gelécklech ginn, allgemeng ass Bonn awer souwisou recht roueg an et ass een emmer schnell an der Natur



Wéini?

Eis ereechen oft Ufroen wéineg Wochen virum Semesterstart mat Tipps fir d'Wunnengssich. Wann een do erreicht ufänkt ass et natierlech immenz stresseg an deels onméiglech nach eppes zu engen raisonablen Präis ze fannen. **D'Wantersemester**, an soumat d'Majoritéit vun den Studiengängen fänkt un der Uni Bonn emmer am Oktober un, ween also dofir gear eng Schloofplaz hätt, huet besser schon am Juli unzufänken sech emzekuken. Et ass emmer besser en Mount méi fréih eng Wunneng ze hunn, wéi ze spéit. Sou huet een nach genuch Zäit sech anzeriichten an anzeliwen. Falls een am Fall ass, dass een nach net secher ass, op een zu Bonn ugeholl gett, huet een trotzdem besser schon ze sichen. Soulaang nach keen Mietvertrag ennerschriwwen ass, kann een emmer oofsoen, wann een d'Bestätegung huet, soll een awer direkt bescheed soen. Fir **d'Summersemester**, waat am Abrëll ufänkt, huet een manner Konkurrenz, am Februar sollt een allerdengs speitesdens ufänken, well och net esouvill fräi gett.

Wéi?

Et ass gudd am virraus ze wëssen wéi een wunnen well. Well een gär eng ganz Wunneng fir sech alleng, eng Kummer am Wohnheim, eng Wohngemeinschaft mat Friemen oder mat Kollegen eng grënnen.

An eiser Facebook Grupp stellen Léit grad zum Enn vun de Semesteren am Januar/Februar/März an August/September oft hir Wunnengen an, déi fräi ginn, et kann sech also lounen deser schon fréih bäizetrieden. An dëse Fäll ass et och virdeelhaft, dass de Vermieter schon Lëtzebuerger als Mieter haat, an mat deenen hoffentlech gudd Erfahrungen gemeet huet.

Wanns du an eng schon bestoend **WG** plënnere wëlls, ginn et Websäiten die spezifesch dorobber ausgeluet sinn. Déi beléiftesten ass <https://www.wg-gesucht.de/wg-zimmer-in-Bonn.13.0.1.3.html> et ginn awer och Facebook-Gruppen die dorobber ausgeluet sinn. An deem Fall einfach no WG Bonn sichen. Héi sollt een awer op Burschenschaften oppassen. Dës sinn meescht als grouss Männer WG uginn an lackelen mat bëllegem Loyer, sie sinn allerdengs oft mat weideren Konditiounen verbonden (méi dozou: https://de.wikipedia.org/wiki/Liste_der_Studentenverbindungen_in_Bonn). Bei WGs sollt een schon fréih ufänken mat sichen (Enn Juli/August), an idealerweis en gudden Text iwwert sech selwer schreiwen. WG-Gesucht Anzeigen kréien oft honnerten vun Äntferten, et lount sech also opzefaalen an direkt all Detailler ze nennen. Keng Äntfert ze kréien kennt hei oft vir, schréiw also jidderengem deen fir dech a Fro kennt, du kanns emmer nach oofsoen wannsten eppes aaneres fonnt hues. Bei WGs ass eng Besichtiging och üblech, deelweis kann een och proposéieren des iwwer Videocall ze maan, et ass deenen meechten méi wichteg dass du menschlech an d'WG passt an daat kann een perséinlech am beschten aschätzen. Héi Beispiller waat an dengem Text drastoen sollt:

- Numm, Alter, (zukünftigen)Studiengang, Fotoen (opmannst Profilfoto)
- Hobbys, Interessen, Wunnerfahrung (kannste gudd mat Léit oder basste eichter en Alleingänger), Herkunftsland bzw. dass'te aus Lëtzebuerg kenns
- Waat fennste un der Beschreibung an der Anzeige gudd
- Wéi stellste der d'WG-Liewen vir
- Inwiefern benotzt du gemeinsam Reim wie d'Kichen an d'Buedzimmer (kachs du vill, ass der Hygiene wichteg)
- Waat kéinns du matbréngen (Mixer, Printer, Föhn, Staubsauger, etc.)
- Wéini keins du eng Besichtigung maan
- Deng Telefonsnummer, dass sie dech op WhatsApp kontaktéieren kennen.

Am wichtigsten ass awer dass du op daat agees waat an der Anzeige drasteet an esou eng Verbindung zu dengem potentiellen zukünftigen Matbewunner opbaus.

Wanns du léiwer fir dech alleng wunns, sinn **Studentenwohnheime** eng gudd Optioun fir dech. Et ginn der souwuel privat, wie och vum Studierendenwerk Bonn. Wohnheime ennerscheiden sech allegemeng kaum, et ginn der allerdengs mat eenzelnem Buedzimmer an Kichen, wéi och mat gedeelter Kichen an Buedzimmer um Stack. Hei ass de Problem allerdengs, dass des immenz beléift sinn an een oft op enger Warteliste land, wann een awer Chance huet fennt een e gudd Wohnheimzimmer scho fir enner 300€. Hei e puer Websäiten:

- <https://www.42-bonn.de>
- <https://www.staytoo.de/studentenapartments-bonn/>
- <https://www.studentshome.de>
- <https://house4students.de/>
- <https://www.studierendenwerk-bonn.de/wohnen/>
- https://www.campo-novo-bonn.de/apartment-typen_1-zimmer-apartment/
- <https://hkpimmo.de/>

Wanns du awer no enger ganzer **Wunneng** sichts, entweder just fir dech oder oder mat Kollegen eng WG grënnen wells, dann ass et wichtig beim Vermieter en gudden Androck ze maan. Hei schreiws du och besser all Wunneng un die fir dech a Fro kennt oder ruf direkt un. Erwähn, dass du aus Lëtzebuerg kenns an doweinst keng Schufa-Auskunft virweisen kanns, proposéier awer eng Selbstauskunft an/oder eng Elternbürgschaft matzebringen. Wann den Vermieter dofir keng eegen Virlaag huet, fennt een des och am Internet. Et ass och gudd ze wëssen weivill Geld der am Mount zur Verfügung hudd, eng Estimatioun vun der Bourse kennt der hei kreien: <https://mengstudien.public.lu/de/aides-financieres/aidefi/simulateur.html> denkt just drun, dass dëse Montant fir daat ganz Semester ass a

net just fir e Mount (A sief der bewusst ops du just d’Bourse oder d’Bourse an de Prêt an usproch hells). Wanns du finanziell vun dengem Elteren ennerstetzt gess, selwer schaffen gees oder geschafft hues an elo Suen op der Sait hues, kannste dem Vermieter daat och soen an ggf. Dokumenter virweisen, die daat bestätegen. Wanns du eng Besichtigung hues, denk och drun eng Kopie vun denger Carte d’identité matzehuelen an ggf vun dengem Elteren an Matbewunner falls du eng Elternbürgschaft virlees. Fir bei der Besichtigung en nach besseren Androck ze maan, sief matzaiten do, an och „uerdentlech“ ugedoen, et ass leider sou, dass vill Vermieter recht aal sinn, an groussen Weart op den eichten Androck leen. Hei sinn och e puer Websäiten op deenen een Wunnenge fennt:

- <https://www.immowelt.de/>
- <https://www.immobilienscout24.de/>
- <https://www.wohnungsmarkt24.de/>
- <https://www.immonet.de/wohnung.html>
- <https://www.wohnung-jetzt.de/>
- <https://www.meinestadt.de/bonn/immobilien/wohnungen>
- <https://www.markt.de/immobilien/>
- <https://www.ebay-kleinanzeigen.de/s-wohnung-mieten/bonn/c20311038>

Präislech gesinn hänkt de Loyer natierlech stark mam Zoustand an der Laag vun der Wunnenge zesummen. Den duerchschnettlechen Päis pro Quadratmeter läit 2022 bei 10,60€, desen weart gellt allerdings fir daat gesamt Stadtgebiet. Allgemeng ass Bonn net extrem deier, mee et kritt en de Wunnraum och net zum Schnäppchenpräis an et ass natierlech eng perséinlech Entscheedung wéi wichtig engem Zoustand, Laag, Baujoer an Komfort sinn.

Wunnenge fonnt, an elo?

Gléckwonsch, du huet daat schweiersten hannert der! Lo musste just nach däin Wohnsitz umellen. Dofir hells du der en Termin bei dem Bonner Stadthaus. Pass op dass du all déi néideg Dokumenter hues, dorennen och en Wohnungsgeberbestätigung vun dengem Vermieter. Bei dengem Termin gess du däin Hauptwohnsitz un, net däin Zweitwohnsitz! Du muss dech och net zu Lëtzebuerg oofmellen, du hues also zwee Hauptwohnsitze(Wichtig fir d’Bourse). Elo kanns du denger Kreativitéit fräien Laaf lossen an dech ariichten an aliewen. Zu Bonn ginn et vill Flouhmärt an Second-Hand Miwwelgeschäfte bei denen een relativ bëlleg Miwwel fannen kann. Et ginnoch vill Facebook Gruppen an deenen Studenten hieren Miwwel probéieren lass ze ginn. Den Ikea zu Köln-Godorf ass am noosten an en ass och mam ÖPNV ze ereechen, et lount sech awer zu Semesterufank de Click and Collect ze notzen.

Fir dass du net alleng an däin Studium starten muss, ginn et vill Kennenlern-Angebote vun denger Fachschaft fir Bachelor an Master Erstis. Eist eicht Event ass emmer en WelcomeDrink an der eichter Virliesungswoch, bei deems du eis kennenléieren kanns. Dësen gett an eiser Facebook-Grupp an op eiser Websäit annonciert.

Mir fréen eis dech kennenzelieren 😊